# Mediensplitter

## Wat mat Kult- ufänkt, hält nët ëmmer mat -ur op

*Wéi* **Lord of the Rings** *am Kino ugelaf as, hun d'Kritiker dax dervunner geschwat, datt de Regisseur e Kultbuch verfilmt hätt. An et wäer ze hoffen oder ze fäerten — je nodeems, wéi dem Kritiker säin Uerteel ausgefall as —, datt och d'Kinosversioun géif Kult gin. "Kult" as eent vun deene Wieder, déi den Ament am Mediesekteur Moud sin. Mee wann een e béisse méi genee kuckt, da mierkt een, datt d'Bedeitung vun dësem Begrëff sech an deene leschten 20 Joer staark verännert huet.*

Silvester war déi éischte Kéier zanter Joeren, datt ech owes nët eng hallef Stonn virun der Televisioun soutz, fir mir *Dinner for one* unzekucken. Dat huet mir leed gedoen, well et mir e besonnesche Plëséier as, den 31. Dezember dee wonnerbare Sketch mat dem Freddie Frinton an dem May Warden ze gesin. Ech kéint mir d'Emissioun, déi schon 1963 enregistréiert gouf an zanterhier all Joers op den drëtten däitsche Programmer gewise gët, jo och soss en Dag ukucken – schliisslech hun ech si op Video. Mee dat wäer nët dat nemmlecht, dat wäer kee Kult.

Kult as méi wéi Traditioun. Beim Kult muss een Insider sin, an et muss ee bestëmmte Codë kennen. Soss mécht d'Saach kee Spaass. Dat bescht Beispill däerft nach ëmmer d'*Rocky Horror Picture Show* sin. U sech as dat e schreckleche Film. Mee wann een eng Kéier am Kino soutz bei Leit, déi sech fir d'x-te Kéier verkleet hun an an ëmmer däer nemmlechter Szeen mat Räis geheien an all eenzelt Lidd Wuert fir Wuert matsangen, da weess een, wat Kult as. Oder wann a *Casablanca* den Humphrey Bogart um Schluss zum Ingrid Bergman seet: "Here's looking at you, kid" resp. "Schau mir in die Augen, Kleines".

Et gët däer Beispiller eng Abberzuel. Mee wat ënnert Kult ze verstoen as, dat as haut eppes aneschtes wéi virun 20 Joer, oder méi präzis: wéi zu däer Zäit, an däer et nach keng Privattelevisioun gouf. Bis an d'1980er Joeren as ëmmer gesot gin: "O mei, huet de Service public soss näischt ze bidden wéi schon nees de Ben Hur fir Chrëschtdag? An iwwerhaapt: ëmmer déi al Serië wéi *The Avengers – Mit Schirm, Charme und Melone* oder *The Rockford Files – Detektiv Rockford: Anruf genügt!* Mee wéi d'Privattelevisioun bis établéiert war, huet si dës nemmlecht Programmer ganz gäere gewisen. Et waren iewen déi bëllegst, déi um Marché ze kréien waren. Jhust datt si elo Kult genannt goufen, wéi wann dat eng Justifikatioun fir all déi Widderhuelungen gewiescht wäer. An d'Publikum war begeeschtert, all déi al Saachen ëmmer nees ze gesin.

Eng formidabel Manipulatioun an eng immens Chance fir d'Privattelevisioun. Alles, wat duerno nämlech nët gezunn huet beim Publikum, gouf huerteg zum Kult erkläert, a méi wéi eng Kéier, wann och nët ëmmer, sin doduercher d'Quoten an d'Lut gaang. Dat gëllt nët nëmme fir *Gute Zeiten, schlechte Zeiten*. D'Kultegkeet huet d'Qualitéit ersat. Deen eenzege Problem an sou enger Situatioun as, datt e Begrëff mat engem gewëssen Zauber ofnotzt, wann en zevill dax benotzt gët. Den inflationäre Gebrauch vun enger Etikett entwert de Produit mat der Zäit. A gudd sin déi kulteg Emissiounen haut nëmme ganz sielen.

Nach fonktionéiert et, well nieft dem definitive Kabes, fir deen et eng Onmass vu Beispiller gët, och nach e puer Emissiounen nei produzéiert gin, déi vläicht wierklech eng Kéier Kult gin – am éischte Sënn vum Wuert. Den *Derrick* war an as esou e Fall, och wann dat muencherengem nët wëll aliichten, mee de Succès besonnesch a Frankräich an a Spuenien as nët vun der Hand ze weisen. Op *Sex in the city* enges Daags och souwäit kënnt, muss een ofwaarden. Mee ganz sécher as. Den nächste Silvester sëtzen ech erëm virun der Televisioun, wann de Freddie Frinton freet: "Same procedure as last year, Miss Sophie?" Mee dat huet dann näischt mat Kult ze din, dat as dann einfach d'Freed un engem zäitlose Programm.

**Romain Kohn**

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 16. Januar 2002)*

**Kult as méi wéi Traditioun. Beim Kult muss een Insider sin, an et muss ee bestëmmte Codë kennen. Soss mécht d'Saach kee Spaass.**